ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Juni 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister, den Här Landwirtschaftsminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Kader vum Internationalen Dag vun der Biodiversitéit vum 22. Mee huet de Weltbiodiversitéitsconseil op déi rezent alarmant Chiffere verwisen, no deenen duerch den Agréff vum Mënsch antëscht iwwer 25% vun den Déieren- a Planzenzorten, déi ënnersicht goufen, menacéiert sinn. Responsabel wier deemno dat massiivt Agräife vum Mënsch.

An enger Mediecampagne hunn direkt e puer Naturschutzorganisatiounen am Kader vun enger Doudesannonce op d'Verschwanne vum Brongbrëschtchen hei zu Lëtzebuerg higewisen. Speziell bei de Vullenaarte wieren d'Zuelen deemno réckleefeg zu Lëtzebuerg.

Natur an Ëmwelt hat rezent an engem Schreiwes gefrot, ob d'Wandkraaft op Käschte vun der Natur géif goen, nodeems dacks Kadavere vu Routmilanen bei deem zanter 2015 nei installéierte Wandpark zu Weiler fonnt goufen. Et ass gewosst, datt déi Kadaveren um Buedem relativ schnell vu aneren Déieren, wéi dem Fuuss, gefriess ginn, esou dat unzehuelen ass, datt d'Donkelziffer vill méi héich wäert leien. Laut diversen Ënnersichunge wär et net méiglech, Wandenergieanlagen besonnesch a bedeitende Vulleschutzgebidder ze installéieren, ouni datt substantielle Schued optrëtt.

Den Emweltministère huet direkt reagéiert an op déi streng Oplagen higewisen, wat d'Ofschalte bei Méiaarbechten ugeet, Fuerschungsprojeten oder d'Ewechlackele vun de Vullen. D'Realitéit ass leider eng aner: D'Oplage si quasi net ze kontrolléieren an weise bal keng Wierkung, wéi den alarmanten Appell vun *Natur an Ëmwelt* weist.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madame Ëmweltminister, den Här Landwirtschaftsminister an den Här Energieminister stellen:

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

1. Kann d'Regierung dës Informatioune vun Natur an Ëmwelt confirméieren?
2. Wéi positionéiert sech d'Regierung am Hibléck op d'Fuerderung vun *Natur an Ëmwelt* a ville weideren Akteueren aus dem Naturschutzberäich, datt Wandenergieanlagen net an der Géigend vun ëmweltkritesche Plazen, wou de Routmilan, den Uhu, de Storch an d' Flantermaus hiert doheem hunn, däerfen erriicht ginn ?
3. Wéi positionéiert sech d'Regierung am Hibléck op den offensichtleche Fait, datt déi ernimmte steng Oplaage quasi keng Wierkung hunn a vill Vullenaarte weiderhin a Gefor sinn ?
4. Ass d'Regierung der Meenung, datt si hirer Responsabilitéit am Kader vun deem alarmante Bericht vum Weltbiodiversitéitsrot nokënnt?
5. Wéi eng Léieren zitt d'Regierung aus deem alarmante Constat vun deenen am Naturschutz aktiven Akteueren, speziell am Hibléck op déi weider geplangte Wandmilleprojeten, wéi z.B. dem geplangte Projet zu Deifferdéng, dee jo direkt nieft engem bedeitende Vulleschutzgebitt mat enger nogewisener Präsenz vum Routmilan, vum Uhu, vun der Flantermaus a villen aneren Aarten, déi geschützt musse ginn ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten